Parcourir les quartiers à vélo
Mam Vëlo am Alldag duerch d'Uertschaften

Déi eenzel Véierele solle besser matenee verbonne ginn fir datt ee méi sécher mam Vëlo fuere kann:

Et ass ze geféierlech fir op der Beggenerstrooss ze fueren, dofir brauche mir Axe lénks a riets vun der Haaptstrooss fir mam Vëlo an der Gemeng an an d'Nopeschdierfer ze fueren. Déi eng Säit hu mir dofir den nationale Véloswee. Op der anerer Säit mussen d'Stroosse ZONE 30 ginn, fir datt de Vëlo mam Auto zesumme kann op der Strooss fueren, oder mat de Foussgänger zesummen op klenge Weeër. Och de Wee laanscht d'CEGEDEL muss erëm fir de Vëlo an d'Foussgänger opgemaach ginn, fir nees direkt op Heeschdref ze kommen. Dat selwecht gëllt fir d'rue du Pont Richtung Beggen!

Mir brauche sécher Weeër fir de Vëlo lénks a riets vun der Haapt-strooss duerch den Dall.

Il est dangereux de circuler sur la route nationale. C'est pourquoi nous avons besoin d'axes des deux côtés de cette route pour circuler à l'intérieur de la commune et vers les communes voisines.
Nous demandons une extension des zones 30 pour permettre une cohabitation de la voiture, du vélo et du piéton. La rue du Pont, direction Beggen et le chemin à côté de la CEGEDEL devront être ouverts aux cyclistes et piétons.

Déi vill Schëlder déi den Autosverkéier sollen aus de Wunnquartieren eraus-halen, sollen de Vëlo awer net behënneren!

Les panneaux de signalisation ne devraient pas gêner l'utilisation du vélo!

Mir brauche sécher a legal Querverbindungen duerch eis Gemeng. Z.B. de vill genotzte Wee fir an d'Schoul vu Bärel op Walfer (Foto lénks) muss legal befuerbar ginn an een um Buedem gezeechente Vëlosiwwergank bei de roude Luuchte kréien.

D'rue Mercatoris an d'rue Prince Henri sinn ze geféierlech, dofir misst d'Ënnerféierung bei der Gare och fir Vëloe prak-tikabel ginn fir da weider op d'Tonn an d'PIDAL oder bei d'Sportshal ze fueren.

Dat selwecht gëllt och fir aner Plazen: bei der Bäreler Schoul, beim Supermarché, …..

Nous avons besoin de traversées légales et sûres dans toute notre commune!

Eis Foto (riets) ass am Bambësch op der Nationale gemaach ginn.



mouvement écologique

Le vélo dans la vallée de l'Alzette: L'exemple de Walferdange
De Vëlo am Uelzechtdall: Fallbeispill Walfer

MOUVEMENT ECOLOGIQUE REGIONAL UELZECHTDALL JULI 2008

De Vëlo am Uelzechtdall

Depuis toujours le vélo est un loisir très populaire. De plus en plus de gens utilisent le vélo comme moyen de transport quotidien pour se rendre au travail, à l'école, etc.. Or faire du vélo peut s'avérer dangereux à cause du trafic très dense dans la vallée de l'Alzette. C'est pour cette raison que nous revendiquons des tracés alternatifs et des pistes cyclables! Ces tracés doivent être sûrs, aussi directs que possible et facilement accessibles.

La qualité de l'air le long de la route de Luxembourg/ Diekirch n'est guère meilleur que celle du boulevard Royal! Chaque vélo supplémentaire équivaut à une voiture de moins sur la route et donc moins de pollution. Un argument qui devrait peser lourd dans une commune membre de l'alliance pour le climat. Le mouvement écologique revendique que l'utilisation du vélo devienne plus facile, plus sûre, plus légale pour que le vélo puisse devenir une alternative pour de plus en plus de gens.
Vous trouverez dans cette publication nos revendications détaillées ainsi qu'un plan avec nos propositions.

De Vëlo ass schonn ëmmer eng beléifte Fräizäitbeschäftegung zu Lëtzebuerg. Ëmmer méi Leit notzen awer och hiren Drotiesel fir op d'Aarbecht, an d'Schoul, an de Buttek oder op den Training ze fueren. Well den immense Verkéier d'Benotze vun der Haaptstrooss zevill geféierlech mécht, brauche mir alter-nativ Tracéë fir de Vëlo. Dës Weeër musse sécher a sou direkt wéi méiglech sinn an net nëmmen aus Ëmweeër bestoen!

No de leschte Miessunge vun der Ëmweltverwaltung ass d'Loftqualitéit an der route de Luxembourg/Diekirch zu Walfer grad sou schlecht wéi um Boulevard Royal. All Vëlo méi ass och en Auto manner op der Strooss a manner Pollutioun. Dat misst jo och en Argument an enger Klimabündnisgemeng sinn. De Mouvement Ecologique fuerdert datt d'Benotze vum Vëlo muss méi sécher, méi legal a méi einfach gemaach ginn, fir datt nach méi Leit ëmklammen an dofir den Auto méi dacks stoe loossen.

Op der läschter Säit hu mir op engem Plang eis Virschléi agezeechent.
Mir wäerten déi verschidden Instanzen nach speziell uschwätze fir datt se op eis Virschléi reagéieren.

Weider Iddiën an Ureegunge si wëllkomm.

www.oeko.lu

La piste cyclable nationale doit être améliorée!
Den nationale Vëloswee muss verbessert ginn!

Walfer huet en nationale Vëloswee, dee ganz flott kéint sinn. Duerfir sinn awer vill Verbesserunge noutwenneg:

- Et sti kéipweis *Circulation interdite*-Schëlder um Vëloswee, souguer direkt bei der Gemeng an der Schoul! (Foto ënnen) Hei muss de Vëlo erlaabt ginn.
- Et muss ee vum Vëlo erof klamme fir iwwert d'Haaptstrooss. Mir brauchen eng Ënnerféierung bei der Gemeng, eng wéi et se schonns laang bei der PIDAL gëtt. (Fotoen uewen)
- En nationale Vëloswee muss besser visibel sinn; z.B. faarwege Macadam. Dat wier besser wéi Schëlder déi ee muss sichen, an déi och alt feelen. Touristen an Auswäerteger verfuere sech regelméisseg!
- Geféierlech Trottoirskanten, déi een erop an erof muss fueren, mussen éliminéiert ginn!
- Fir den Alldagsverkéier wier eng méi kuerz Alternativ fir laansch d'PIDAL néideg.
- Eng nei direkt Verbindung hanne laanscht d'Haiser vun der rue de Beggen (laanscht de Garage Losch, Tousalon, Mowo an d'Klär-anlag) duerch Wisen op Beggen a weider op Dummeldéng wier méi direkt wéi den Zickzack duerch d'rue de l'Eglise. Iwwert dee Wee kéinten d'Leit vun Helmseng a Walfer mam Vëlo an d'Supermarché fueren.
- Déi Responsabel mussen emol eng Kéier op de Vëlo an de ganze Parcours offueren, fir d' Problemer ze gesinn an ze realiséieren.

De Vëloswee muss mat System iwwerschafft ginn!

Nos revendications:

- Elimination des panneaux d'interdiction de circulation sur les pistes cyclables (voir photo ci-contre);
- Construction d'un passage souterrain près de l'administration communale pour traverser la route de Diekirch;
- Rendre la piste cyclable nationale plus visible grâce à un revêtement en bitume coloré;
- Elimination des bordures de trottoirs qu'on doit surmonter;
- Construction d'une alternative plus courte devant la PIDAL pour la circulation quotidienne;
- Connexion plus directe vers Beggen et Dommeldange à travers les prés (au niveau du garage Losch, Tousalon, Mowo, station d'épuration). Cette connexion permettrait aux habitants de Helmsange et de Walferdange d'utiliser le vélo pour se rendre au supermarché.

Le concept de la piste cyclable devrait être systématiquement revu et corrigé!

A vélo vers Luxembourg-Ville Mam Vëlo an d'Stad

Nous avons besoin d'un nouveau trajet vers Luxembourg-ville! Il devrait être possible de se rendre de la vallée de l'Alzette jusqu'à Luxembourg-ville sans risquer sa vie. Il est temps de réagir avant que tout le terrain ne soit bâti.

An der Stad geschitt esou vill fir de Vëlo. Et wier wichteg, datt déi Uelzechtdaller och sécher a kammoud aus hire Gemengen dohinner kommen. Duerfir muss de Wee an d'Stad verbessert ginn.

Wann de Vëloswee zu Walfer schwéier ze fannen ass, Richtung Stad gëtt et nach méi schlëmm. D'Rue de Bastogne zu Beggen ass e Vëloswee, vill Automobilisten hunn dat nach net mat kritt (Foto riets ënnen). Bis laanscht de Beggener Terrain kann een um Trottoir (oder ass et de Vëloswee?) fueren. Spéitstens wann een an de Bierg fir op d'Bréck iwwert d'Eisebunn kënnt, brauch ee **vill Courage** fir nach weider ze fueren. Duerno geet et och nach net vill besser.

Hei brauche mir en neien Trajet! (Foto lénks) Vum flaachen Uelzechtdall misst een dach mam Vëlo an d'Stad kënne fueren ouni säi Liewen op d'Spill ze setzen. Elo muss hei gehandelt ginn, soulaang nach net alles verbaut ass.

Zesumme méi staark fir d'Ëmwelt
- Member sinn am Mouvement Ecologique

mouvement écologique

Dës Broschür ass erausginn vum Mouvement Ecologique, Regional Uelzechtdall.

De Mouvement Ecologique setzt sich fir méi Liewesqualitéit an Demokratie, fir den ëffentlechen Transport, Foussgänger a Vëlosfuerer, fir erneierbar Energie a villes méi an.

Duerfir verfollegt de Mouvement Ecologique déi politesch Aktualitéit kritesch a fuerdert Verbesserungen an, ma et ginn awer och konkret Virschléi ënnerbreed. Ausserdem organiséiert de Mouvement Ecologique regelméisseg Veranstaltunge wéi „Alles op de Vëlo", d'Oeko-Foire asw.

Interesséiert Dir lech fir de Mouvement Ecologique? Wëllt Dir vläicht Member ginn? Well wat de Mouvement Ecologique op méi Memberen ziele kann, wat e méi staark ass. Da rufft eis un oder kuckt op eis aktuell Homepage!

Och Ureegunge fir d'Regional Uelzechtdall si wëllkomm: ch.hilger@pt.lu.

Mouvement Ecologique, 6, rue Vauban, L—2663 Luxemburg, Tel. 439030-1, meco@oeko.lu, Fax. 439030-43

www.oeko.lu

Le vélo et les loisirs De Vëlo an der Fräizäit

Zil muss sinn, datt ee mam Vëlo kann esou wäit wéi méiglech seng Fräizäit gestalten: Akafe goen, an d'Schwemm, bei Kollegen. Och hei muss vill geschéien! De Vëlo muss e legalen Zougank op Feld- a Bëschweeër kréien.

Bsp.: D' Verlängerung vun der Rue de la Forêt: dat Kand op der Foto ass hei an der Illegalitéit, d'Camionnetten vum Handwierksbetrib deen um Feldwee läit net!

Nous avons besoin d'un accès légal aux infrastructures sportives de la commune! Actuellement, il y a des panneaux d'interdiction de circuler autour du centre omnisports Prince Henri et même sur la piste cyclable nationale.

De Vëlo muss Zougank zu de Sports-terrainë kréien. Aktuell sti ronderëm d'Sportshal Verbuetsschëlder, souguer op dem Vëloswee.

Nous demandons un accès légal aux chemins forestiers et ruraux!

D'Verbindung Bäreler Quartier iwwert d'Verlängerung vun der Rue des Roses (Foto op der Titelsäit) mat dem Quartier Eltersstrachen. Hei ass den Iwwergank iwwert d'Steeselerstrooss ganz geféierlech, well net gezeechent. Do misst onbedéngt de Verkéier duerch Hënnernesser berouegt ginn, d'Trottoiren ofgeflaacht ginn an den Iwwergank sou gezeechent ginn, datt e sécher fir d'Vëlosfuerer wier. De Wee weider laanscht d'Uelzecht bis op Steesel ass iwweregens fir Véloe verbueden.

Garer les vélos Vëlosstänneren

Nous revendiquons des râteliers de bicyclette en plus grand nombre et de meilleure qualité!

Et gi vill kommunal a privat Vëlosstänneren. Um Site vun der UNI feele se awer ganz! Leider kann ee bei de meeschte Stänneren nëmmen dat viischt Rad ustrécken (Foto uewen) an net de Vëlo. E richteg gudde Vëlosstänner hu mir just nëmmen op der Walfer Gare (Foto riets), hei ass de ganze Vëlo gehalen a mir hu souguer en Iwwerdaach. **Mir brauche besser Stänneren zu Walfer!**